



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le 03 MARS 2020



**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec**  
**le Parlement**

**Service Central de Législation**  
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse la question parlementaire N°1907 du 20 février 2020 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant les voitures électroniques, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**  
**Ministre de la Mobilité**  
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, François Bausch, op  
d'parlamentaresch Fro n°1907 vum 20. Februar 2020 vum honorabelen Deputéierte Fernand  
Kartheiser iwwert d'Besätzverhältnisser bei elektresche Gefierer**

Laut de Statistike vun der SNCA waren Enn Januar 2020 bei den 100% Elektroautoen 1.047 Gefierer (45,76%) op Privatpersounen an 1.241 Gefierer (54,24%) op Firmen ugemellt. Bei de Plug-in Hybride Autoe waren 832 Gefierer (30,93%) op Privatpersounen an 1.858 Gefierer (69,07%) op Firmen ugemellt. Bei den 100% elektresche Camionnette waren 3 Gefierer (1,27%) op Privatpersounen an 234 Gefierer (98,73%) op Firmen ugemellt. Bei Firmenzouloosungen handelt et sech em all d'Gefierer déi op eng « personne morale » ugemellt ginn. Heirënner falen zum Beispill och Autoen déi geleast ginn an awer vu Privatpersoune fir privat Zwecker benotzt ginn. Wéi an der rezenter Äntwert op parlamentaresch Ufro n°1690 vum Här Deputéierte Jeff Engelen erkläert, gëtt vun der SNCA keng méi differenziéiert Oplëschtung vun Autoen, déi op eng « personne morale » ugemellt ginn, gemaach.

**Besätzverhältnisser bei elektreschen Gefierer**

Kategorie	Motorisatioun	Privatleit		Personne morale	
Auto (M1)	100% Elektresch	1047	45,76%	1241	54,24%
Auto (M1)	Plug-in Hybride	832	30,93%	1858	69,07%
Camionnette (N1)	100% Elektresch	3	1,27%	234	98,73%

Well, wéi uewen erkläert, bei Autoen, déi geleast ginn, de Benotzer vum Auto net bei der Umeldung hannerluecht gëtt, mee d'Gefier op d'Leasingsgesellschaft zougelooss gëtt, ass et op Basis vun de Statistike vun der SNCA net méiglech eng kloer Ausso ze ginn, wéi d'Zesummstellung vum Fierpark vu Stéit oder Firmen ass. Zousätzlech kennt derbäi dat bei Méifamilljenhaiser déi selwecht Adress hannerluecht ass an dowéinst och net kloer kann analyséiert gi wéi vill Gefierer pro Stot ugemellt sinn.

Wëll de gréissten Deel vun den elektresche Gefierer réischt déi lescht Joren ugemellt goufen, sinn d'Haushaltsbefroung vum STATEC vun 2011 oder d'Mobilitéitsenquête Luxmobil vun 2017 net rezent genuch fir eng kloer Ausso iwwert den Undeel vun Elektroautoen am Fierpark vu Familljestéit oder Firmen ze ginn.